Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22. August 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Ekonomieminister, d'Madamm Finanzminister an den Här Verkéiersminister weiderzeleeden.

De 26. Juli huet de CEO vu Luxport um Radio 100Komma7 en Interview ginn, an deem hien ënner anerem op d'Benodeelegung duerch d'Muselkanaltax agaangen ass, déi fir d'Schëfffaart an der Groussregioun en zousätzleche Käschtepunkt bedeit.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Wéi positionéiert d'Regierung sech zu enger méiglecher Ofschafung vun der Muselkanaltax? Steet d'Regierung an deem Sënn am Austausch mat deenen aneren Anrainerstaaten?
2) Kann d'Regierung matdeelen, wéi vill Suen d'Muselkanaltax an de Joren 2013 bis 2021 jeeweils am Staatsbudget ausgemaach huet?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten